Administration Communale

RAMBROUCH

Rentrée vun der Primärschoul den 25.05.2020

Léif Elteren,

De COVID-19 huet all eis Liewen op d'Kopp geheit. Mir hoffen awer datt et Iech an Ärer Famill gutt geet an datt Äert Kand säint Bescht gemaach huet an dëser aussergewéinlecher Situatioun wärend dem Homeschooling.

Eng Rentrée a gudde Konditiounen ass just méiglech wann alleguerten Acteure vun der Schoulcommunautéit zesumme schaffen. Mir zielen op Iech Äre Kanner ze erkläre wéi Alles an der Schoul funktionnéiert.

Mir hunn ee Guide gemaach deen Iech bei der Aufgab hëlleft.

Mir wëllen Iech awer och drop opmierksam maachen, datt d'Gemengen- an d'Léierpersonal hiert Bescht gemaach hunn fir datt Är Kanner dee bescht méiglechen Ofschloss vum Schouljoer 2019-2020 kréien, mee datt duerch den enken Terminplang sécherlech den éischten Dag net alles ouni Probleemer ofleeft. Dofir ziele mir op Äert Versteesdemech.

1) Gesondheet vun Ärem Kand

Mir bieden Iech all moies d'Gesondheet vun Ärem Kand ze kucken. Wann Dir Symptomer vum COVID-19 feststellt, gitt weg bei een Dokter an sot dem Titulaire vun der Klass Bescheed.

2) Grupp vun Ärem Kand

D'Schoulklasse si vun den Titulairë vun de Klassen an zwou Gruppen opgedeelt ginn, de Grupp 1 an de Grupp 2. Déi zwou Gruppen hunn ofwiesselend obligatoresch Schoulwochen a fakultativ Révisiounswochen. An wéi engem Grupp Äert Kand ass, gouf Iech vum responsabelen Titulaire matgedeelt.

D'Präsens vun Ärem Kand an der Léiergrupp ass **obligatoresch** vun 08.00 bis 13.00 Auer. Eng Garde kann assuréiert gi vun 13.00 - 18.00 Auer an der Schoul.

D'Präsens vun Ärem Kand an der Übungsgrupp ass **fakultativ**. Wärend der Woch kann Äert Kand Homeschooling maachen, oder an der Schoul vu Personal encadréiert ginn.

Grupp	08.00 - 13.00	13.00 - 18.00
Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours	**obligatoreschen Cours an der Schoul**	études surveillées an der Structure d'accueil (fakultativ an gratis)
Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling	Accueil an der Schoul (fakultativ an gratis)	Accueil an der Structure d'accueil (fakultativ an gratis)

Woch vum	Grupp 1	Grupp 2
25.05 - 26.05	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling
27.05 -29.05	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours
08.06 - 12.06	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling
15.06 - 19.06	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours
22.06 - 26.06	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling
29.06 - 03.07	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours
06.07 - 10.07	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling
13.07 - 15.07	Übungsgrupp fakultativ Präsens fir de Cours - Homeschooling	Léiergrupp obligatoresch Präsens fir de Cours

3) Deelung vum Gebai

Fir datt d'Kanner aus dem Léiergrupp an Übungsgrupp keen direkte Kontakt hunn, ass d'Gebai an zwou Sektioune gedeelt ginn, eng Partie mam Léiergrupp an déi aner mam Übungsgrupp.



Màj 25/05/2020

a) Ausserhalb vum Gebai

Par Rapport zum Grupp vun Ärem Kand, hëlt dëst all Woch eng aner Entrée fir an déi Sektioun am Gebai ze kommen. Am Ganze ginn et 4 Dieren:

- **Wann Äert Kand mam Schoultransport an der Schoul ukënnt, hëlt et eng vun deenen zwou folgenden Diere par Rapport zu sengem Grupp:**

Entréesdier - Busquai - Léiergrupp (Schoultransport)

Entréesdier - Busquai – Übungsgrupp (Schoultransport)

- **Wann Dir Äert Kand mat privatem Auto oder ze Fouss an d'Schoul bréngt, muss Äert Kand, par Rapport zu sengem Grupp, eng vun deenen zwou Entréeë beim Fussballterrain huelen. Fir bis bei d'Dieren ze komme musst een duerch ee Parcours goe bis bei den «Checkpoint» (Zelt). D'Elteren duerfen net an d'Gebai goen, dat heescht Dir duerft Äert Kand just bis bei den «Checkpoint» begleeden.**

Fir ee Verkéierschaos ze vermeide biede Mir Iech vum Schoultransport ze profitéieren. D'Précocekanner duerfe weiderhin net de Bus benotzen a mussen doduerch natierlech mam Auto an d'Schoul bruecht ginn.

Entrée vum Parcours

Entréesdier – Fussballterrain – Léiergrupp (Privatauto oder ze Fouss)

Entréesdier – Fussballterrain – Übungsgrupp (Privatauto oder ze Fouss)

Wann Äert Kand am Léiergrupp ass, geet et duerch eng Léiergruppsdier an säin normale Klassesall.

Ausnam: Fir d'Opdeelung vum Gebai kënnen ze maachen, hunn misse verschidde Klasse plënneren :

- **Précoce Groupe A Danielle Bauer**
- **Précoce Groupe B Anne Weiler**
- **Précoce Groupe C Myriam Meyers**
- **Cycle 1 B Marianne Kraus**
- **Cycle 1 C Brigitte Hansche**
- **Cycle 1 D Conny Lies**
- **Cycle 1 E Jean-Claude Wittke**

Weider Infoen dozou ënnert dem Punkt c) Eegenaarte vum Cycle 1 an d) Eegenaarte vum Précoce

Wann Äert Kand am Übungsgrupp ass, geet et duerch eng Übungsgruppdier, do geet et an een néie Klassesall deen et nach net kennt. Fir de Kanner et méi einfach ze maachen, hëllefe Léit Äre Kanner den Dag vun de Rentrée (25.05 oder 27.05) de richtege Sall ze fannen.

Ausnam : Klasse vum Précoce

Weider Infoen dozou ënnert dem Punkt d) Eegenaarte vum Précoce

Wann Dir um 13.00 Auer Äert Kand mam Auto oder ze Fouss an d'Schoul siche kommt, muss Dir virun den «Checkpoint(s)» (Léiergrupp oder Übungsgrupp) beim Fussballterrain waarde bis Äert Kand aus dem Schoulgebai kënnt.

Wann Dir Äert Kand ageschriwwen huet fir eng Garde an der Maison Relais vun 13.00 bis 18.00 Auer, muss Dir déi virgesinne Plagen akzeptéieren, dat heescht 13.00 - 14.00 / 14.00 - 16.00 / 16.00 - 18.00. Wann Dir Äert Kand no der Garde siche kommt, muss Dir och virum «Checkpoint» waarden. Mir bieden Iech pünktlech ze sinn.

Ze all Moment muss Dir probéieren zwee Meter Ofstand zu den anere Famillen ze halen déi waarden.

b) Am Gebai

D'Mesurë vum Social Distancing a vun der Hygiène sinn an der Schoul an an de Strucutres d'acceil en place gesat gi fir d'Schüler an d'Personal sou gutt wéi méiglech ze schützen. Wéi der op de Fotoe gesitt, sinn d'Gäng opgedeelt ginn an d'Sens uniquen en place gesat ginn.

c) Eegenaarte vum Cycle 1

Vu datt d'Klassen vun deem Cycle (**ausser Cycle 1 A an Cycle 1 F**) an een aneren Klassesall hunn misse plënneren, ass festgehalen ginn een speziellen Accueil, den Dag vun der Rentrée (Grupp 1 25.05 an Grupp 2 27.05), fir d 'Kanner vum Léiergrupp ze maachen.

D'Titulairë vun de Klasse waarden am klengen Haff virun der Entrée vum Léiergrupp beim Busquai. Sou gesinn d'Kanner, soubal se aus dem Bus klammen, hier Joffer oder hire Schoulmeeschter.

Klengen Haff

D'Kanner aus dem Léiergrupp, déi mam Auto oder ze Fouss bruecht ginn, mussen déi lenks Dier huele vum Léiergrupp (Fussballterrain), duerch d'Gebai de Blummen nogoen (nach net op der Foto) aus dem Gebai goen, an an de klengen Haff bei hier Joffer oder hire Schoulmeeschter goen.

Dier Léiergrupp

Déi Adaptatiounphase kann och bei Bedarf verlängert ginn.

d) Eegenaarte vum Précoce

Duerch d'Plënnere vun de Klassesäll vum Précoce A, B an C an duerch d'Verbuet, datt d'Elteren an d'Gebai duerfen, ass decidéiert ginn ee spezielle Parking an eng zousätzlech Entrée fir d'Kanner vum Léiergrupp aus deene Klassen ze maachen. (blo um Plang Säit 3)

Entréesdier fir d'Klassen vum Précoce A, B an C

Dier duerf awer just vun de Kanner benotzt ginn déi vun den Eltere bruecht ginn.

D'Kanner aus de Cycle 1.1 vun den uewegenannte Klassen aus dem Léiergrupp, déi mam Bus kommen, gi wéi déi aner Kanner aus der Spillschoul an de klengen Haff. Si ginn do vum Encadrementspersonal empfaangen.

Reservéierte Parking fir d'Eltere vun de Klasse Précoce A, B, C

D'Eltere vun de Kanner aus dem Cycle 1.0 (Précoce) déi an den Übungsgrupp gi sollen weg hier Joffere kontaktéiere fir weider Detailer.

4) Hygiène an gestes barrières fir en bescht méiglechen Schutz :

a. Ofstand

D'Kanner mussen en Ofstand zu anere Kanner vun 2 Meter anhalen. Dat ass de Grond firwat d'Turn- an Schwammcoursen ofgesot sinn.

b. Mask, Buff, Schal

Am Fall wou en Sécherheetsofstand vun 2 Meter zu anere Persounen nit kann agehale ginn, mussen d'Schüler eng Mask, e Buff oder en Schal, deen Mond an Nues iwwerdeckt, undinn. Dëst gëllt deemno fir de Bustransport, wärend de Pausen, an de Gäng am Schoulgebai, etc….

An der Klass an wärend dem Accueil, vu dass d'Zuel vun de Kanner do méi kléng ass, an de Sécherheetsofstand agehale ka ginn, muss een d'Mask ,de Schal oder de Buff nit undoen, mee et kann een.

Ausnam :

Kanner, déi manner wéi 6 Joer hunn, an nit gutt mat enger Mask eens ginn, gëtt dovun ofgeroden eng Mask ze droen. Dëst kinnt de Risiko fir eng Infektioun erhéijen, well d'Kand, wann et sech vun der Mask gestéiert fillt, sech méi oft an d'Gesicht gräift.

Entgéint deem wat an der Pressekonferenz vum 5. Mee 2020 vum Här Meisch gesot ginn ass, ginn d'Buffen nit **virun** der Reprise vun de Coursen, den 25. Mee 2020 ausgedeelt, mee um Dag selwer an

der Klass. Duerfir bieden mir Iech Ärem Kand fir den 1. Schouldag een Buff, eng Mask oder e Schal mat ze ginn.

c. Hänn wäschen an desinfizéieren :

- D'Hänn mussen regelméisseg mat Waasser a Seef gewäsch oder desinfizéiert ginn.
- D'Hänn musse mat Seef gewäsch, an duerno mat engem Pabeier, deen duerno weg gehäit gëtt, ofgebotzt ginn.
- Am Fall vun de Schoulen gëtt geroden, sech d'Hänn ze wäschen, iert de Cours ufänkt, no all Paus, wou een an de Schoulhaff war, an wann de Cours fäerdeg ass, wann d'Schüler d'Gebai nees verloossen.
- D'Hänn mussen gewäsch ginn, nodeems een op d'Toilette war.
- D'Hänn mussen vir an no dem Iessen gewäsch ginn.
- De Video ënnert folgendem Link weist, wéi een sech d'Hänn richteg wäsche soll : https://www.gouvernement.fr/partage/11434-coronavirus-le-lavage-des-mains

d. Allgemeng Virschrëften :

- An een Nueschnappech oder an den Ielebou houschten oder néitschen.
- Pabeiers Nueschnappecher benotzen an se nom Gebrauch an eng Dreckskëscht geheien.
- Sech begréissen ouni d'Hand ze ginn, sech nit beréieren.
- Sou gutt et geet sech nit mat den Hänn an d'Gesiicht gräifen.
- Souwäit et geet keen Material oder Équipement mat aneren deelen.
- D'Schüler mussen hir Jacketten am Klassesall op de Stull hänken. D'Vestiairen an de Gäng vun der Schoul duerfen de Moment nit benotzt ginn.

5) Iessen

Wann Äert Kand ageschriwwen ass fir d'Garde vun 13.00 – 18.00 Auer, gëtt een Iessen am Klassesall zerwéiert.

D'Schüler mussen hir eegen Waasserfläsch, an eppes fir moies an der Paus z'iessen, matbréngen. Déi Kanner, déi fir eng Garde vun 13.00 – 18.00 Auer ageschriwwen sinn, mussen och eng eege Waasserfläsch an eppes fir am Nomëtteg z'iessen (collation) matbréngen.

6) Schülertransport

D'Schoulbusbegleeder wäerten just an de Bussen matfueren wou den « Léiergrupp » matfiert.

De Schoultransport fir d'Kanner aus der Rammericher Gemeng ass no dem Planning, deen op de Säiten 13 – 20 ze fannen ass, opgestallt.

De Schoultransport fir d'Kanner aus der aler Gemeng Ningsen ass no dem Planning, deen op der Säit 21 ze fannen ass, opgestallt.

7) Hotline

Am Fall wou Dir Froen hätt, kënnt Dir déi dëse Samsdëg, 23. Mee 2020, moies vun 09.00 – 12.00 Auer op der Telefonsnummer 23 64 09 25 oder 23 64 09 27 stellen. Am Fall wou den Telefon besat sollt sinn kënnt Dir och eng E-mail schécken op d'Adress georges.weissgerber@rambrouch.lu an Ären Numm an Telefonsnummer uginn.

Schoultransport 2019-2020 COVID 19

«Léiergrupp»

Obligatoresche Cours

Duerch den néien Horaire vun der Schoul, goufen d'Horaire vum Schoultransport ugepasst. ::

Trajet 1 – 4 : Rapide des Ardennes

Denominatioun vum Bus : Léiergrupp 1

Trajet 1 : Perlé(en partie) - Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Perlé	rue de la Poste (Gare)	7.23	13.15
	16, rue du Faubourg	7.24	13.16
	48, route d'Arlon	7.26	13.18
	rue de l'Eglise (ancienne école)	7.28	13.20
	rue des Champs (Centre Culturel)	7.30	13.22
Z.I. Riesenhof	route de Martelange	7.42	13.04
Koetschette	Ecole	7.46	13.00

Denominatioun vum Bus : Léiergrupp 2

Trajet 2 : Wolwelange-Rombach-Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Wolwelange	29, rue Principale	7.22	13.23
Haut-Martelange	arrêt «Leekoll»	7.23	13.22
Rombach	rue des Tilleuls (Gare)	7.24	13.21
	23A, rue Belle-Vue	7.25	13.20
	40-42 / 29, rue Belle-Vue	7.26	13.19
Wolwelange	bifurcation rue des Romains/ rue de Martelange	7.28	13.18
	41, rue Principale (kiosque)	7.30	13.15
	70, rue Principale (Spetzt)	7.32	13.13
	44, rue de l'Ermitage	7.34	13.11
Flatzbour	10, route de Perlé	7.35	13.10
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 3**

Trajet 3 : Perlé (en partie) – Holtz - Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Holtz	rue du Village (ancienne école)	7.34	13.09
	Arrêt «Morewee» (après intersection Rue Principale / Rue des Champs	7.35	13.10
	7, rue Principale	7.36	13.11
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 4**

Trajet 4 : Bigonville – Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Bigonville	32, rue du Village	7.32	13.10
	51, rue Principale	7.34	13.12
	2, rue Principale (Kéismart)	7.35	13.18
	36, rue des Romains	7.37	13.08
	Bigonville-Poteau	7.40	13.05
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Trajet 5 - 8: Sales Lentz

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 5**

Trajet 5 : Bilsdorf – Arsdorf – Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Arsdorf	Rue du Cimetière	7.24	13.22
Bilsdorf*	Riesenhafferwee (maison 2)	7.28	13.15
	rue Abbé Neuens (Eglise)	7.30	13.17
Arsdorf	31, rue du Lac	7.35	13.10
	rue du Lac (ancienne école)	7.37	13.08
	2, op der Lee	7.38	13.05
	16, rue JJ Klein (am Gronn)	7.39	13.06
	6, rue du Lac	7.42	13.03
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 6**

Trajet 6 : Koetschette – Eschette – Folschette – Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Koetschette	6, route d'Ettelbruck	7.22	13.03
Eschette	6, rue Principale	7.26	13.07
Folschette	rue d'Eschette	7.30	13.11
	16, rue Principale	7.31	13.12
	40, rue Principale (Centre Culturel)	7.33	13.14
	64, rue Princpale	7.36	13.17
	108, rue Principale	7.39	13.20
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 7**

Trajet 7 : Hostert - Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Hostert	Cité	7.19	13.12
	10, rue de Folschette	7.21	13.14
	10, rue de Lannen	7.24	13.16
	Hueschtergare	7.26	13.18
	rue Principale (ancien lavoir)	7.31	13.22
	Brisenhaff	7.33	13.24
	intersection rue Principale – rue des Romains	7.36	13.26
	rue Principale (ancienne école) (via Goelt – Rambrouch)	7.38	13.28
Koetschette	Ecole	7.47	13.00

Denominatioun vum Bus : **Léiergrupp 8**

Trajet 8 : Rambrouch – Koetschette		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Rambrouch	2, rue Principale	7.33	13.07
	rue du Brill	7.35	13.09
	rue de Schwiedelbrouch	7.37	13.11
	Gare routière	7.39	13.05
	38, rue Principale	7.41	13.03
Koetschette	Ecole	7.44	13.00

Schoultransport 2019-2020 COVID 19

«Übungsgrupp»

Fakultative Cours

Vu datt mir net genuch Busser konnte kréien, konnte mir keng zwee parallel Transporter organiséieren, Dofir musse mir waarde bis d'Busser vum Léiergrupp hiren Tour fäerdeg hunn, datt dee vum Übungsgrupp kann ugoen.

L'aller :

Trajet 1 – 4 : Rapide des Ardennes

Denominatioun vum Bus : Übungsgrupp 1

Trajet 1 : Perlé(en partie) - Koetschette		Aller Übungsgrupp
Perlé	rue de la Poste (Gare)	7.56
	16, rue du Faubourg	7.57
	48, route d'Arlon	7.59
	rue de l'Eglise (ancienne école)	8.01
	rue des Champs (Centre Culturel)	8.03
Z.I. Riesenhof	route de Martelange	8.15
Koetschette	Ecole	8.19

Denominatioun vum Bus : Übungsgrupp 2

Trajet 2 : Wolwelange-Rombach-Koetschette		Aller Übungsgrupp
Wolwelange	29, rue Principale	7.55
Haut-Martelange	arrêt «Leekoll»	7.56
Rombach	rue des Tilleuls (Gare)	7.57
	23A, rue Belle-Vue	7.58
	40-42 / 29, rue Belle-Vue	7.59
Wolwelange	bifurcation rue des Romains/ rue de Martelange	8.01
	41, rue Principale (kiosque)	8.03
	70, rue Principale (Spetzt)	8.05
	44, rue de l'Ermitage	8.07
Flatzbour	10, route de Perlé	8.08
Koetschette	Ecole	8.18

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 3**

Trajet 3 : Perlé (en partie) – Holtz - Koetschette		Aller Übungsgrupp
Holtz	rue du Village (ancienne école)	7.55
	Arrêt «Morewee» (après intersection Rue Principale / Rue des Champs	7.56
	7, rue Principale	7.57
Koetschette	Ecole	8.06

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 4**

Trajet 4 : Bigonville – Koetschette		Aller Übungsgrupp
Bigonville	32, rue du Village	7.55
	51, rue Principale	7.57
	2, rue Principale (Kéismart)	7.58
	36, rue des Romains	8.00
	Bigonville-Poteau	8.03
Koetschette	Ecole	8.08

Trajet 5 - 8: Sales Lentz

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 5**

Trajet 5 : Bilsdorf – Arsdorf – Koetschette		Aller Übungsgrupp
Arsdorf	Rue du Cimetière	7.55
Bilsdorf*	Riesenhafferwee (maison 2)	7.59
	rue Abbé Neuens (Eglise)	8.01
Arsdorf	31, rue du Lac	8.06
	rue du Lac (ancienne école)	8.08
	2, op der Lee	8.09
	16, rue JJ Klein (am Gronn)	8.10
	6, rue du Lac	8.13
Koetschette	Ecole	8.16

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 6**

Trajet 6 : Koetschette – Eschette – Folschette – Koetschette		Aller Übungsgrupp
Koetschette	6, route d'Ettelbruck	7.53
Eschette	6, rue Principale	7.57
Folschette	rue d'Eschette	8.01
	16, rue Principale	8.02
	40, rue Principale (Centre Culturel)	8.04
	64, rue Princpale	8.07
	108, rue Principale	8.10
Koetschette	Ecole	8.16

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 7**

Trajet 7 : Hostert - Koetschette		Aller Übungsgrupp
Hostert	Cité	7.57
	10, rue de Folschette	7.59
	10, rue de Lannen	8.03
	Hueschtergare	8.05
	rue Principale (ancien lavoir)	8.10
	Brisenhaff	8.12
	intersection rue Principale – rue des Romains	8.15
	rue Principale (ancienne école) (via Goelt – Rambrouch)	8.17
Koetschette	Ecole	8.26

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 8**

Trajet 8 : Rambrouch – Koetschette		Aller Übungsgrupp
Rambrouch	2, rue Principale	7.54
	rue du Brill	7.56
	rue de Schwiedelbrouch	7.58
	Gare routière	8.00
	38, rue Principale	8.02
Koetschette	Ecole	8.05

Le retour

No der Ëmfro vum Ministère ass d'Zuel vun de Kanner, déi Heem fiert um 13.00 Auer, ganz kleng. (teschent 20 - 30 Kanner vum Übungsgrupp). Dofir ass decidéiert gi keng grouss Busser fueren ze loosse mee Navetten. Déi Navettë fueren och nëmmen een Arrêt pro Duerf un. Een Decalage vu 15 Minutte par Rapport zum Léiergrupp ass virgesinn datt de Léiergrupp an den Übungsgrupp sech net kräizen.

Trajet 1 – 2 : Rapide des Ardennes

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 1**

Trajet 1 : Bigonville - Wolwelange - Rombach		Retour Übungsgrupp
Koetschette	Ecole	13.15
Bigonville	2, rue Principale (Kéismart)	13.22
Wolwelange	**41, rue Principale (kiosque) (rectification)**	13.28
Rombach	rue des Tilleuls (Gare)	13.30

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 2**

Trajet 2 : Holtz - Perlé		Retour Übungsgrupp
Koetschette	Ecole	13.15
Holtz	rue du Village (ancienne école)	13.23
Perlé	rue de l'Eglise (ancienne école)	13.41

Trajet 3 - 4: Sales Lentz

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 3**

Trajet 3 : Bilsdorf - Arsdorf - Koetschette - Eschette		Retour Übungsgrupp
Koetschette	Ecole	13.15
Bilsdorf	Riesenhafferwee (maison 2)	13.20
Arsdorf	rue du Lac (ancienne école)	13.23
Koetschette	6, route d'Ettelbruck	13.27
Eschette	6, rue Principale	13.32

Denominatioun vum Bus : **Übungsgrupp 4**

Trajet 4 :Rambrouch - Folschette - Hostert		Retour Übungsgrupp
Koetschette	Ecole	13.15
Rambrouch	Gare routière	13.19
Folschette	40, rue Principale (Centre Culturel)	13.22
Hostert	rue Principale (ancien lavoir)	13.25

Schoultransport 2019-2020 COVID 19

Kanner aus der aler Gemeng Néngsen

Obligatoresche Cours

619		Aller Léiergrupp	Retour Léiergrupp
Lultzhausen	Driicht	7.26	13.20
	Bif. Lultzhausen	7.26	13.19
Bonnal	Um Bommel	7.28	¦
Insenborn	Am Duerf	7.29	13.17
Bonnal	Um Bommel	¦	13.16
Neunhausen	An der Uert	7.35	13.10
Koetschette	Etienne Schmit	7.44	13.01
Koetschette	Ecole	7.45	13.00

Fakultative Cours

619		Aller Übungsgrupp	Retour Übungsgrupp
Lultzhausen	Driicht	7.37	13.35
	Bif. Lultzhausen	7.37	13.34
Bonnal	Um Bommel	7.39	¦
Insenborn	Am Duerf	7.40	13.32
Bonnal	Um Bommel	¦	13.31
Neunhausen	An der Uert	7.46	13.25
Koetschette	Etienne Schmit	7.55	13.16
Koetschette	Ecole	7.56	13.15